N°1650
Entrée le 06.01.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel a vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°1650 vum 11. Dezember 2024 vun der honorabelen Deputéierten Octavie Modert**

**Ad 1)**

Am Kontext vum russeschen Ugrëffskrich an der Ukrain hu sech déi russesch Geheimdéngschtaktivitéiten an de Memberstaate vun der Europäescher Unioun intensivéiert.

**Ad 2)**

Vergläichbar Fäll sinn zu Lëtzebuerg net bekannt.

**Ad 3)**

De Geheimdéngscht huet als Missioun, an enger antizipatorescher a präventiver Perspektiv Informatiounen ze sammelen, ze analyséieren an ze verschaffen, iwwert Aktivitéiten, déi eng Menace fir déi national Sécherheet oder déi vu Partnerstaaten an -Organisatioune kéinten duerstellen, dorënner och Spionageaktivitéiten.

Am Erfëlle vun dëser Missioun kooperéiert de Geheimdéngscht mat concernéierten ëffentlechen a privaten Acteuren a sensibiliséiert si mam Zil, déi national Resilienz géint Spionageaktivitéiten ze erhéighen.

**Ad 4)**

Spionage an hybrid Menacen, dorënner och Sabotage, an d'Moyenen, sech dogéint ze wieren, si reegelméisseg Géigestand vun Diskussiounen um Niveau vun der Europäescher Union an der NATO.
De Geheimdéngscht ass heiriwwer och a permanentem Austausch mat Partnerdéngschter am Kader vu senger internationaler Kooperatioun.

Lëtzebuerg, den 6 Januar 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel
(s.) Xavier Bettel